LUXEMBOURG 9.

DIMARSO-INRA
13-15, rue de la Charité
1040 BRUXELLES

Etude 663 -

I ENQUETEUR.: Note'ert op d'ligne 1 an 2 den Alter an de Sexe vun allen Leit aus dem Stôt, andêm Dir mat dêm Elsten ufänkt - Op der Ligne 3 musst Dir de' Perso'n opschreiwen, de' Dir interviewe'ert. (dät hëscht den ITEE)

1. Sexe (W/M)												
2. Alter an Jôer												
3. ITEE	A	B	C	D	E	F	G	H	I	J	K	L
4. Den Familjenvîrstand	A	B	C	D	E	F	G	H	I	J	K	L
5. d'Hausfrä	A	B	C	D	E	F	G	H	I	J	K	L

II Den Beruff vum ITEE

Huet Dir en Beruff, eng Plätz oder irgend eng äner lukrativ Beschäftegung ?

Jô - a → Exerce'ert Dir dên Beruff als Onôfhengégen oder als Lo'hnempfänger ?

-Lo'hnempfänger(in). - c
-Arbechter(in) - f
-Employé(e) - g

Sidd Dir Arbechter(in oder Employé(e) ?

Onôfhengegen - d

Ass vir d'Ausübung vun ärem Beruff ên Universite'tsdiplôm gesetzlech verlängt ?

Jô - 12 Nên - e

Nên -b → Huet Dir kên Beruff well Dir.... .

... nömmen mam Stôt beschäftegt sidd - 21
... pensione'ert sidd - 22
... Student(in) oder Schüler(in) sidd - 23
...
... Chômeur sidd - 25
... Aner Ursach - 26

ENQUETEUR gidd iwer zur Frô III

Beschäftegt Dir bezuelten Personal ?
Jô - 13 Nên - 11

Könnt Dir mir eso' prêzis ewe' me'glech äre Beruff oder är Plätz beschreiwen ?
(Enquêteur.: Lôsst den Interviewe'erten sein Beruff eso'gudd ewe' me'glech explize'eren bis d'Natür vun senger Beschäftegung klôr erauskënnt.)

III Dên hächsten Grâd vun dem Interviewe'erten (ITEE) sengen Studien.

- Primärscho'l - 1
- Oberprimärscho'l - 2
- Môttelscho'l - 3
- Kolle'sch oder Lyçée - 4
- Universite't - 5
- Wês et nôt/keng Antwert - 6

IV We' ass âren Etat civil, sidd Dir...

... Jonggesell - 1
... Bestued - 2
... Geschêd - 3
... Sêpare'ert - 4
... Witmann(Witfrä) - 5
... Wês et nôt/keng Antwert - 6

V. Wēn ass den Familjenvirstand ? (Enquêteur: Den code an der Ligne 4 vum Schéma Familjen unzéchnen. Wann de' interviewe'ert Perso'n (ITEE) den Familjenvirstand ass, dann gidd iwer zur Frō VI)

Den Beruff vum Familjenvirstand
Huet den Familjenvirstand e Beruff, eng Plātz oder eng āner lukrativ Beschäftegung ?

Jō - a	Nēn - b
Huet hien oder Sie e Beruff als Onōfhengegen oder ass hien oder Sie Lo'hnempfänger(in) ?	Huet hien oder Sie kēn Beruff well hien oder sie.....
Lo'hnempfänger (in) - c	.nömmen am Stōt schafft -21
Ass hien oder Sie Arbechter(in) oder Employé(e)	.pensionne'ert ass -22
- Arbechter (in) - f	.Student(in)/Schüler(in)ass -23
- Employé (e) - g	. -24
	.Chômeur(se) ass -25
	.Āner Ursachen -26
	ENQUETEUR GIDD IWER ZUR FRŌ No VI

Onōfhengeg - d

Brauch hien oder Sie vir sein(hiren) Beruff gesetzlech ēn Universite'ts-diplōm ?
Jō - 12 Nēn - e

Beschäftegt hien oder Sie bezuelten Personal?
JO - 13 Nēn - 11

Könnt Dir mir eso' präzis ewe' me'glech sein (hiren) Beruff oder Plātz beschreiwen? (ENQUETEUR: Lōsst den Beruff oder d'Plātz eso' vill ewe' me'glech beschreiwen bis d'Natur vum Beruff oder der Plātz gudd ervirkönnt)

VI Wēn ass d'Hausfrā an ārem Stōt ?..dāt hēscht wēn ass häptsächlech dōmat beschäftegt, anzukäfen an d'Iessen zu prēpare'eren ? (ENQUETEUR: Zēchent dēn betreffenden Buchstāf op der Ligne 5 vum Schéma Familjen un)

Exerce'ert d'Hausfrā... ..en Beruff auswärts - 1
..en Beruff dohēm - 2
..kēn Beruff - 3

VII Wāt fir eng Sprōch get häptsächlech bei Iech am Stōt geschwāt ? :

Franse'sch..-1 Deitsch.. -2 Letzebuergesch..-3 Eng āner Sprōch..-4

VIII Sozial Klass

LO 2 / 1 LOMI 4 / 3 HIMI 6 / 5 HI 8 / 7

IX GEMENG

1. Sidd Dir am Allgemengen mat dēm Liewen, wāt Dir fe'ert.....

... ganz zefridden	- 1
... e'schter zefridden	- 2
... e'schter net zefridden	- 3
... guer net zefridden	- 4
... wēs et net/ keng Antwert	- 0

---

2. Wann et sech em eng Mēnung handelt, de' Iech se'er zu Härzen leit, könnt et Iech dann vir, dass Dir är Frenn, är Arbechtskollegen oder är Relatio'nen iwerzēgt, är Mēnung unzehuelen? Wann jō, könnt dāt Iech oft, hei ant dō oder rare vir ?

... Oft	- 1
... Hei ant dō	- 2
... Rare	- 3
... Nēn, nie	- 4
... wēs et net /keng Antwert	- 0

---

3. Et get einstweilen vill geschwāt iwer d'Objektiver, de' onst Land sech misst vir de' nächst 10 Jōer setzen.

a. (ENQ. CARTE E 1) Hei sinn verschidden Objektiver de' verschidden Leit als e'scht virgesinn hun. Könnt Dir mir sōen wāt vir ēnt vun dēnen Dir perse'nlech als dāt wichtegst ugesidd ?
(ENQ. COLONNE A - eng ēnzeg Antwert)

	COLONNE A (Q. 3.a)	COLONNE B (Q. 3.b)
- d'Uerdnung am Land ze behālen	1	1
- eppes ze ennerhuelen, dass sech d'Bierger me' un dēnen wichtegen Entschēdungen vun der Regierung bedēlegen können	2	2
- gengt d'Preissteigerungen ukämpfen	3	3
- d'Freihēt vun der Ried ze garante'eren, vir dass jidfirēn dāt sōen kann wāt hien denkt	4	4
- wēs et net/keng Antwert	0	0

b. An wāt vir ēn Objektiv ge'f Dir Iech an zwēter Stell am mēschten wönschen?
(ENQ. COLONNE B - eng ēnzeg Antwert)

---

4. Sidd Dir am Allgemengen ganz zefridden, e'schter zefridden, net ganz zefridden oder guer net zefridden mat der Art an Weis we' zu Letzebuerg d' Democratie fonctionne'ert ?

... ganz zefridden	- 1
... e'schter zefridden	- 2
... net ganz zefridden	- 3
... guer net zefridden	- 4
... wēs et net/keng Antwert	- 0

---

5. (ENQ. CARTE E 2) Op deser Kârt gesidd Dir dreierlē fundamental Mane'eren, vir sech vis-à-vis vun der Gesellschaft, an der mir liewen, ze behuelen. Wât vir eng vun dēnen drei Mane'eren könnt am nōhsten op de' eraus, de' Dir perse'nlech vir richteg hâlt ? (ENQUETEUR : eng ēnzeg Antwert)

- d'Organisatio'n vun onser jetzeger Gesellschaft muss radikal durch eng revolutionnair Aktio'n geännert gin - 1
- ons aktuell Gesellschaft muss Schrött vir Schrött durch Reformen geännert gin - 2
- ons aktuell Gesellschaft muss mat Courage gengt all me'glech subversiv Kräften verteidegt gin, de' probe'eren ge'fen, sie zu änneren - 3
- wēs et net/keng Antwert - 0

---

6. Wann Dir enner Frenn sidd, könnt et Iech dann oft, hei ant dō oder nie vir iwer Politik ze schwetzen ?

... Oft - 1
... Hei and dō - 2
... Nie - 3
... Wēs et net/keng Antwert - 0

---

7. Dir huet bestömmt schon iwer d'Europäesch Gemeinschaft (den gemeinsame Mârt) he'eren schwetzen . Wât âr perse'nlech Informatio'n iwer d'Frōen mat dēnen sech d'Europäesch Gemeinschaft beschäftegt, betröfft, könnt Dir mir sōen, op Dir mat jidfirenger vun dēnen folgenden Mēnungen averstân sidd oder nöt averstân sidd ?

	Averstân	Nöt averstân	Wēs et ne
A. Ech hun keng Zeit an et kann ēn sech net vir Alles interesse'eren	1	2	0
B. D'Zeitungen, de Radio an d'Televisio'n schwetzen net genug iwer d'Europäesch d'Problēmer	1	2	0
C. D'Zeitungen, de Radio an d'Televisio'n schwetzen zuvill oberflächlech vun den Europäeschen Problēmen	1	2	0

---

8. Fannt Dir am Allgemengen, dass d'Tâtsach, dass Letzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft (Gemeinsame Mârt) ass, eng gudd, eng schlecht, oder weder eng gudd nach eng schlecht Sâch ass?

... eng gudd Sâch - 1
... eng schlecht Sâch - 2
... weder eng gudd nach eng schlecht - 3
... wēs et net/keng Antwert - 0

9. Get et eng politesch Partei de' Iech me' zo'sēt ewe' eng Aner ? Wann JO: fillt Dir Iech ganz zu deser Partei attache'ert, ziemlech attache'ert oder sympathisé'ert Dir nömmen ?

... ganz attache'ert	- 1
... ziemlech attache'ert	- 2
... Nömmen sympathise'ert	- 3
... Ech fillen mech zu kenger Partei ugezun (ENQUETEUR-FRO No 11)	- 4
... Wēs et net/keng Antwert (ENQUETEUR - FRO No 11)	- 0

---

10. Ass ärer Mēnung nō de' politesch Partei ganz vir, e'schter vir, e'schter gengt oder ganz gengt eng Europäesch politesch Unio'n ?

... ganz dovir	- 1
... e'schter dovir	- 2
... e'schter dergengt	- 3
... ganz dergengt	- 4
... wēs et net/keng Antwert	- 0

---

11. Am Juni vum nächsten Jōer sollen d'Bierger vun allen Länner aus der Europäescher Gemeinschaft, an dorenner och d'Letzebuerger, zu den Wahlen goen, vir am suffrage universel d'Mitglieder vum Europa-Parlament ze wielen. Sidd Dir perse'nlech vir oder gengt eso' eng Wahl? (ENQUETEUR: WANN DOVIR ODER DERGENGT) : Sidd Dir ganz dovir oder ganz dergengt oder nömmen e beschen ?

... ganz dovir	- 1
... e'schter dovir	- 2
... e'schter dergengt	- 3
... ganz dergengt	- 4
... wēs et net/keng Antwert	- 0

---

12. Fannt Dir dass Leit ewe' Dir durch de' Wahlen sech me' als Europa-Bierger spiren wärden oder net ?

... jō, sie spīren sech me' als Europa-bierger	- 1
... nēn, sie spiren sech net me' als Europa- Bierger	- 2
... wēs et net/keng Antwert	- 0

---

13. (ENQUETEUR: CARTE E 3) Wât vir eng vun dënen folgenden Mënungen gleicht ärer Mënung am mëschten a Bezug vun den Wahlen am Europa-Parlament ?

- et ass ën ganz wichtege Schrëtt dën ganz bestëmmt d'Verënegung vun Europa an der Politik virun dreiwt ..... - 1
- et ass en onwichtegt Evenement, well de' national Regierungen sech net durch Stëmmen am Europa-Parlament gebonnen fillen.... - 2
- wës et net/keng Antwert ..... - 0

---

14. (ENQUETEUR: CARTE E 4) Wât vir eng vun dënen zwo' folgenden Haltungen erwârt Dir vun engem letzebuergeschen Membre vum Europa-Parlament ?

- hien soll d'allgemeint Interessen vun der Europäescher Gemeinschaft verteidegen, och eso'guer wann et net ëmmer direkt zum Interessen vun Letzebuerg ass..... - 1
- hien soll <u>ëmmer</u> d'Interessen vun Letzebuerg verteidegen, op et elô zum allgemeinen Interessen vun der Europäescher Gemeinschaft ass oder nöt..... - 2
- wës et net/keng Antwert ..... - 0

---

15. Mengt Dir, dass Dir wielen gidd- bestëmmt oder höchstwahrscheinlech- oder dass Dir Iech enthält- bestëmmt oder höchstwahrscheinlech-, eso'guer wann d'Wahlen nöt obligatoresch sinn ?

- ech gin ganz secher wielen - 1
- ech gin höchstwahrscheinlech wielen - 2
- ech enthâlen mech höchstwahrscheinlech - 3
- ech enthâlen mech bestëmmt - 4
- dât hängt dovun ôf (ENQUETEUR: Net virschlôen) - 5
- wës et net/ keng Antwert - 0

---

16. a. (ENQUETEUR: CARTE E 5) Ugeholl dass all d'Parteien, de' (am letzebuerger Land) existe'eren, Kandidaten ge'fen vir d'Europa Parlament stellen, könnt Dir mir dann sôen vir wât vir eng Partei Dir am höchstwahrscheinlechen ge'ft wielen ? (ENQUETEUR: ENG ENZEG ANTWERT AN DER COLONNE A)

		A	B
DP	(Demokratesch Partei)	1	1
SDP	(Sozial-demokratesch Partei)	2	2
SLAP	(SozialisteschArbechter-Partei)	3	3
CSV	(Chreschtlech-Sozial Volleksspartei)	4	4
KP	(Kommunistesch Partei)	5	5
Eng âner Partei		6	6
Wës et net/keng Antwert		0	0

Suite QUESTION 16

b. (ENQUETEUR: CARTE E 5) Et ass awer och me'glech dass nöt all Parteien en Kandidat stellen vir and'Europa-Parlament . Wann de' Partei de' Dir elõ genannt hât kên Kandidat stellt, vir wât vir eng âner Partei ge'ß Dir Iech dann entschle'ssen bei den Wahlen ? (ENG ENZEG ANTWERT AN DER COLONNE B)

---

17. (ENQUETEUR: CARTE E 6) Et get zwo' Me'glechkêten vir op d'lâng Dauer d'Zukunft vun der Europäescher Gemeinschaft ze gesinn (ENQUETEUR: ALL SATZ DEM ITEE VIRLIES

- vir de' eng Leit soll d'Europäesch Gemeinschaft nöt nömmen en Parlament hun, dât am suffrage universel gewielt soll gin,mais eso'guer och eng richteg Regierung, de' an verschiddenen wichtegen Fäll dât läscht Wuert misst hun;
- vir de' âner Leit misst dât läscht Wuert ömmer bei den Regierungen vun dênen ênzelnen Mitglied-Länner bleiwen;

Wât vir enger vun dênen Mênungen fillt Dir Iech am nächsten? (ENQUETEUR:DEN ITEE NET PRESSE'EREN,NEISCHT VIRSCHLOEN, WANN NE'DEG D'SÄTZ WIDERHUELEN)

- eng richteg Europäesch Regierung - 1
- dât läscht Wuert gehe'ert den Nationalen Regierungen... - 2
- Aner Antwert (Spontan-Antwert) (ENQUETEUR:NOTE'ERT)..... - 3
- wês et net/keng Antwert - 0

---

18. Et ass virgeschlõen gin dass Leit,de' wengt engem Verbriechen , dât sie an engem vun den Europäeschen Mitglied-länner gemâch hun, verfollegt gin, an de' sech an ên ânert Mitglied-Land verstoppt hun, automatesch sollen an dât Land zereckgewisen gin, dât sie juge'eren wöll? Sidd Dir perse'nlech....

... ganz favorable zu desem Virschlâg - 1
... e'schter favorable " " " - 2
... e'schter gengt " " - 3
... ganz gengt " " - 4
... wês et net/keng Antwert - 0

---

19. Könnt Dir am Allgemengen sôen, we' et Iech am Moment gêt ? Spîrt Dir Iech wirklech glecklech, zimlech glecklech oder nöt besonnesch glecklech an desem Moment?

- wirklech glecklech - 1
- zimlech glecklech - 2
- net besonnesch glecklech - 3
- wês et net/keng Antwert - 0

20. Ge'ß Dir soen, dass einstweilen an der Gegend(wo' Dir wunnt) d'Me'glechkēten vir eng Arbecht ze fannen gudd oder schlecht sin ?

- sin ganz gudd - 1
- sin e'schter gudd - 2
- sin e'schter schlecht - 3
- sin ganz schlecht - 4
- wēs et net/keng Antwert - 0

---

21. Huet Dir am Moment eng professionnel Aktivite't? Wann JO, we'vill Stonnen an der Woch übt Dir des Aktivite't aus ? :

- NEN - 1
- JO, ech hun eng Aktivite't vun:
  - . manner ewe' 8 Stonnen pro Woch - 2 (ENQ.: FRO 23)
  - . 8 bis 29 Stonnen pro Woch - 3 (ENQ.: FRO 23)
  - . 30 bis 39 Stonnen pro Woch - 4 (ENQ.: FRO 23)
  - . 40 bis 48 Stonnen pro Woch - 5 (ENQ.: FRO 23)
  - . me' ewe' 48 Stonnen pro Woch - 6 (ENQ.: FRO 23)
  - . keng präzis Stonnen uginn - 7 (ENQ.: FRO 23)

---

22. Huet Dir schon eng professionnel Aktivite't ausgeübt? Wann JO, war et vollzeiteg (we'nestens 30 Stonnen an der Woch) oder zeitweilég (manner ewe' 30 Stonnen an der Woch) ?

- JO, et war vollzeiteg - 1
- JO, et war zeitweilég - 2
- NEN - 3
- wēs et net/keng Antwert - 0

---

23. Ass et Iech perse'nlech an engem oder dēm āneren Moment während dēnen läschten drei Jōer (dāt hēscht zenter dem Fre'jōhr 1975)virkomm, am Chômage ze sinn oder eng bezuelten Arbecht ze sichen an keng ze fannen ?

- JO, dāt ass mir virkomm - 1
- NEN, dāt ass mir net virkomm - 2(ENQ.: FRO 31)
- wēs et net/keng Antwert - 0(ENQ.: FRO 31)

---

24. Huet Dir einstweilen eng Plâtz, huet Dir opgehāl ze sichen, oder sidd Dir am Chômage oder op der Sich nō enger Arbechtsplâtz ?

- Ech hun eng Arbecht - 1 (ENQ. : FRO 27)
- Ech hun opgehāl ze sichen - 2 (ENQ. : FRO 27)
- Ech sin chomeur oder ech sichen eng Arbechtsplâtz..... - 3
- wēs et net/keng Antwert - 0 (ENQ. : FRO 27)

---

25. *Sidd Dir presse'ert vir eng Arbecht ze fannen oder könnt Dir Iech et erläben vir e beschen ze wârden ?*

- *Ech sin presse'ert* - 1
- *Ech kann wârden* - 2
- *Wēs et net/keng Antwert* - 0

---

26. a. *Ge'f Dir eng zeitweileg Arbecht unhuelen oder net (manner ewe' 30 Stonnen an der Woch) ?*

- *JO* - 1
- *NEN* - 2
- *Wēs et net/keng Antwert* - 0

b. *Ge'f Dir eng Arbecht unhuelen, de' manner qualifie'ert ass ewe' de', de' Dir normalerweis könnt verlângen ?*

- *JO* - 1
- *NEN* - 2
- *Wēs et net/keng Antwert* - 0

---

27. *We' lâng wâr Dir an dēnen läschten drei Jōer am ganzen am chômage oder op der Sich nō enger Arbechtsplâtz ?*

- *manner ewe' drei Me'nt* - 1
- *drei bis manner ewe' sechs Me'nt* - 2
- *sechs bis manner ewe' 12 Me'nt* - 3
- *ēn Joēr oder nach me'* - 4
- *Wēs et net/keng Antwert* - 0

---

28. *Wâr Dir oder sidd Dir am Moment, zenter dēnen drei läschten Jōer, als Chômeur ageschriwen gewiescht ?*

- *ech sin am Moment als chômeur ageschriwen.....* - 1
- *ech war als chômeur ageschriwen* - 2
- *ech war nie als chômeur ageschriwen* - 3
- *wēs et net/keng Antwert* - 0

---

29. *Huet Dir an dēnen läschten drei Jōer eng chômage- Vergütegung kritt oder irgend eng âner finanziell Hölleſ vun den öffentlechen Stellen zo'gestallt kritt well Dir keng Arbecht hât ? (mir schwetzen elō net vun âneren Akommen de' Dir irgendwo' vir âner Ursachen könnt kritt hun)* (ENQUETEUR: ET SIN E PUER ANTWERTEN ME'GLECH)

- *Chômage-Vergütegung* - 1
- *Eng âner finanziell Hölleſ vun öffentlechen Stellen...* - 2
- *NEN* (ENQUETEUR: FRO 31) - 3
- *Wēs et net/keng Antwert* (ENQ. FRO 31) - 0

30. We' lâng huet Dir de' Chômage-Vergütigung oder de' finanzielle Höllef kritt

- manner ewe' drei Me'nt - 1
- drei bis manner ewe' sechs Me'nt - 2
- sechs bis manner ewe' 12 Me'nt - 3
- ên Jôer oder me' - 4
- wês et net/keng Antwert - 0

---

31. VIR ALLEGUER

Meng Dir dass an dênen zwê nächsten Jôer d'Me'glechkêt bestêht, dass Dir eng bezuelten Arbechtsplâtz ge'ft brauchen o'ni eng ze fannen ? Ge'f Dir sôen dass..

... dât ganz gudd me'glech ass - 1
... dât me'glech ass - 2
... dât zimlech onme'glech ass - 3
... net me'glech ass - 4
... wês et net/keng Antwert - 0

---

32. Ass an ärem engen Ömkrês: ärer Familjen, âren Frenn oder âren Bekannten, irgend ên dên am Chômage war während dênen läschten drei Jôer (also zenter dem Fre'johr 1975) ?

- JO, ên aus menger Familjen - 1
- JO, ên aus mengen Frenn, Bekannten - 2
- NEN - 3
- Wês et net/keng Antwert - 0

---

33. (ENQUETEUR: CARTE E 7) Hei sin e puer verschidden Rôtschle' de' ên dênen Leit kann gin, de' keng Arbecht können fannen. Wât sinn ärer Mênung nô de' gudd, an wât sin de' schlecht Rôtschle' ? (ENQUETEUR: VIR ALL REIH, ALSO VIR ALL FRO ENG ANTWERT VERLANGEN)

	Gudd Rôtschle'	Schlecht Rôtschle'	Ech kann et net sôen
- ên ânert Handwierk le'eren	1	1	1
- sech an eng âner Stât installe'eren	2	2	2
- seng Bedürfnisser reduze'eren	3	3	3
- eng Schwârzarbecht (also o'ni Steieren oder Sozialläschten) unhuelen	4	4	4
- e'schter me' lâng wârden ewe' eng Arbecht unzehuelen de' net zefridden-stellend ass....	5	5	5
- wann ên kên Geld brauch, le'wer ganz op eng professionnel Aktivite't verzichten	6	6	6

---

34. (ENQUETEUR: CARTE E 8) Wât ass dât schlömmst vir ën dën keng Arbecht fanne kann ? (ENQ.: COLONNE A ukreizen) An dann ? (ENQ.:COLONNE B ukreizen) (ET GET ENG ANTWERT PRO COLONNE)

	A E'scht Antwert	B Zwēt Antwert
- Kēn Kontakt me' mat den Arbechts-kollegen...	1	1
- keng Revenuen an net me' genug Geld	2	2
- vun den Frenn an den Bekannten schlecht ageschätzt ze gin...	3	3
- Schwieregkēten an der Familjen	4	4
- keng Beschäftegung an Langweil	5	5
- Verloscht vum Selbstvertrauen an vum Respekt virun sech selwer...	6	6
- Suergen öm d'Zukunft	7	7
- Verloscht vun der professionneller Expérienz.....	8	8
- Wēs et net/keng Antwert	0	0

---

35. a. Kennt Dir perse'nlech Leit de' als Chômeur ageschriwen sin an de' net sérieux nô enger Arbecht sichen ?Huet Dir vun eso' Fäll gehe'ert, oder huet Dir nach net vun eso' Fäll gehe'ert ? (ENQUETEUR: COLONNE A ukreizen)

	A	B
- Ech kennen der perse'nlech	1	1
- Ech kennen keng, mais ech hun dovun he'eren schwetzen...	2	2
- Ech hun net dovun gehe'ert	3	3
- Wēs et net/keng Antwert	0	0

b. Kennt Dir perse'nlech Leit de' net als Chômeur ageschriweun sinn mais de' ganz gären ge'fen eng Arbecht unhuelen wann sie eppes ge'fen fannen ? Huet Dir vun eso' Fäll gehe'ert oder huet Dir nach net vun eso' Fäll gehe'ert ? (ENQUETEUR:COLONNE B ukreizen)

---

36. Nô dēm wât Dir eso' ronderem Iech gesidd, get et am Moment vill,we'neg oder bäl keng.... a. Leit, de' Iwerstonne mächen?

.... b. Leit de' zwo' Plätzen cumule'eren ?

.... c. Leit, de' klengArbechten unhuelen, vir de' sie d'Geld an d'Hand kre'en, also o'ni Steieren oder Sozial-läschten ze drōen ? (ENQUETEUR:ENG ANTWERT PRO SATZ)

	a Iwerstonnen	b Zwo' Plätzen	c Kleng Arbechten
- VILL	1	1	1
- WE'NEG	2	2	2
- BÄL KENG	3	3	3
- WES ET NET/KENG ANTWERT	0	0	0

---

37. Ass dât eng gudd oder eng schlecht Sâch, dass..... (ENQUETEUR: ENG ANTWERT PRO REIH)

	Gudd Sâch	Schlecht Sâch	Wēs et net Keng Antwert
... dass d'Leit bezuelten Iwertstonnen duerfen mâchen	1	2	0
... dass d'Leit zwo' Plâtzen duerfen unhuelen	1	2	0
... dass d'Leit duerfen kleng Arbechten unhuelen, de' an Hand ausbezuelt gin	1	2	0

---

38. (ENQUETEUR: CARTE E 9) Wât sinn ärer Mēnung nô de' zwo' wichtegst Ursâchen virwât eso' vill Frâen als Chômeuses gemellt sin ? (ENG ANTWERT PRO COLONNE)

	E'scht Ursâch	Zwēt Ursâch
- d'Employeurs zecken manner vir enger Frā ze kennegen ewe' engem Mann...	1	1
- d'Frâen hun oft keng professionnel Ausbildung an dât begrenzt hir Me'glechkēten .	2	2
- de' Industrien de' Frâen beschäftegen, sinn am Moment schlecht drun an schäffen Arbechtsplâtzen ôf...	3	3
- vir verschidden Frâen ass et bâl eso' virdēlhaft , den chômage bezuelt ze kre'en ewe' schaffen ze goen...	4	4
- eng âner Antwert (ENQ.: OPSCHREIWEN)	5	5
.....		
- wēs et net/keng Antwert	0	0

---

39. (ENQUETEUR: CARTE E 10) Wât sinn ärer Mēnung nô de' zwo' wichtegst Ursâchen, virwât eso' vill jong Leit als Chomeur gemellt sin ? (ENG ANTWERT PRO COLONNE)

	E'scht Antwert	Zwēt Antwert
- d'Employeurs stellen le'wer Leit an de' schon me' Erfahrung hun	1	1
- d'jong Leit wöllen de' Arbechten net, de' hinnen ugebueden gin	2	2
- d'Employeurs zecken am Moment vir d'Zuel vun hieren Beschäftegten ze vergre'sseren	3	3
- d'jong Leit kommen op den Arbechtsmârt mat enger ongenügender Ausbildung	4	4
- Aner Ursâchen (ENQ. OPSCHREIWEN)	5	5
.....		
- Wēs et net/keng Antwert	0	0

---

40. ELÖ KOMMEN MIR ZU ANER FROEN

Et get de' lescht Zeit vill vun Geiselen geschwât. Wann ên d'Liewen vun den Geiselen misst risque'eren, vir endlech mat dênen Methoden opzeraumen, wär Dir d'accord, vir dên Risiko anzegoen ?

- JÖ - 1
- NEN - 2
- Wês et net/keng Antwert - 0

---

41. Considêre'ert Dir dass Dir enger Religio'n ugehe'ert? Wann JÖ , wât vir enger?

- Katho'lesch - 1
- Protestantesch - 2
- Aner - 3
- Ech fannen dass ech kenger Religio'n ugehe'eren. (ENQUETEUR: FRO 43) - 4
- Wês et net/keng Antwert (ENQUETEUR:FRO 43) - 0

---

42. Gidd Dir e puer Môl d'Woch, eng Ke'er pro Woch, hei an dô am Jôer oder nie an eng Mess ?

- e puer Môl an der Woch - 1
- En Môl pro Woch - 2
- Hei an dô am Jôer - 3
- Nie - 4
- Wês et net/keng Antwert - 0

---

43. (ENQUETEUR: CARTE E 11) Wann et iwer Politik gêt, dann schwetzen d'Leit oft vun "RECHTS" oder"LENKS ". Könnt Dir Iech selwer an Hand vun deser Tabelle situe'eren ? (ENQUETEUR: NEISCHT VIRSCHLOEN: DE' VERSCHIDDEN CASEN SINN NET NUMEROTE'ERT: DEN ITEE MUSS SECH AN ENG CASE ASETZEN. WANN EN ZAUDERT, NOTE'ERT ET AN INSISTE'ERT. WANN DEN ITEE REFUSE'ERT, NOTE'ERT ET AN CASE e)

LENKS 1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 RECHTS Refuse'ert - e

---

44. Mat wât vir engem Alter huet Dir d'Scho'l verlôss, oder d'Universite't? Dât hêscht âr Studien komplett absolve'ert)

- 14 Jôer oder manner - 1
- 15 Jôer - 2
- 16 Joêr - 3
- 17 Jôer - 4
- 18 Jôer - 5
- 19 Jôer - 6
- 20 Jôer - 7
- 21 Jôer - 8
- 22 Jôer - 9
- Le'eren elô nach - X

45. (ENQUETEUR: NÖMMEN WANN ITEE E BERUFF AUSÜBT)
We'vill Leit schaffen dō wo' Dir schafft ?

- Manner ewe' 5 - 1
- 5 bis 50 - 2
- 51 bis 500 - 3
- 500 an nach me' - 4

---

46. Ge'f Dir sōen, dass Dir an enger....

- ruraler Gegend, engem Duerf wunnt - 1
- klenger Stāt oder enger mettel-gro'sser Stāt wunnt - 2
- gro'sser Stāt wunnt - 3

---

47. (ENQUETEUR: CARTE E 12) Mir ge'fen gären d'Resultater vun deser Etude am Verhältnis mat dem Familjen-akommen vun dēnen vun ons interviewe'erten Leit analyse'eren. Hei ass eng Monats-Gehaltstabelle. Mir ge'fen gären wössen, an wāt vir engem Niveau Dir Iech situe'ert mat allen Verdengschter an ärem Haushalt, ewe' Le'hn, Familjengelder, Pensio'nen , āner Akommen, an dōst virun den Steieren an den sozialen Läschten. Könnt Dir mir sōen an wāt vir enger Kategorie vun Brütto- akommen am Mo'nt āre Stōt eranpasst ? Gidd mir nömmen den Buchstāf vun der Kategorie:

A. Manner ewe' 10.000 FRANG am Mo'nt - 1
B. 10.000 bis 14.900 FRANG am Mo'nt - 2
C. 15.000 bis 19.900 FRANG am Mo'nt - 3
D. 20.000 bis 24.900 FRANG am Mo'nt - 4
E. 25.000 bis 29.900 FRANG am Mo'nt - 5
F. 30.000 bis 34.900 FRANG am Mo'nt - 6
G. 35.000 bis 39.900 FRANG am Mo'nt - 7
H. 40.000 bis 44.900 FRANG am Mo'nt - 8
I. 45.000 bis 49.900 FRANG am Mo'nt - 9
J. 50.000 bis 59.900 FRANG am Mo'nt - X
K. 60.000 FRANG an me' am Mo'nt - Y

---

8 -

a. Wann am Moment legislativ Wahlen wären vir Depute'erter ze wiehlen, könnt Dir mir sôen wät vir eng Partei de' gre'ssten Chancen hätt, vir vun Iech gewiehlt ze gin ? (ENQUETEUR: ENG ENZEG ANTWERT AN DER COLONNE A)

	A E'schten Choix	B Zwēten Choix
DP (Demokratesch Partei)	1	1
SDP(Sozial-demokratesch Partei)	2	2
SLAP (Sozialistesch Arbechter-Partei)	3	3
CSV (Chreschtlech-Sozial Volleks-partei)	4	4
KP (Kommunistesch Partei)	5	5
Eng âner Partei	6	6
Wēs et net/keng Antwert	0	0

b. An ausser der Partei de' Dir elô genannt huet, get et nach eng âner Partei der Dir Iech ziemlech verbonnen spîrt ? (ENQUETEUR : ENG ENZEG ANTWERT AN DER COLONNE B.